N°1883
Entrée le 04.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister a vun der Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n° 1883 vum 3. Februar 2025 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

**1. Sinn der Regierung Ermëttlunge géint Membere vun der Fraternité Verbum Spei - déi zu Lëtzebuerg agéiert hunn - am Ausland bekannt, speziell a Frankräich oder am Mexiko, wou d'Communautéit hire Siège huet?**

Nee.

**2. Gouf et tëscht 2016 an 2025 en Austausch tëscht der Police, der Justiz oder anere staatlechen Institutiounen an dem Äerzbistum betreffend d'Aktivitéite vun der Fraternité Verbum Spei zu Lëtzebuerg?**

Säitens de Justizautoritéiten ass keen Austausch am Zesummenhang mat den Aktivitéite vun der Fraternité Verbum Spei bekannt.

**3. War d'Regierung informéiert iwwert d'Decisioun vum Äerzbistum d'Fraternité Verbum Spei zu Lëtzebuerg opzehuelen oder ass si consultéiert ginn?**

Nee. D'Liberté des cultes an de Prinzip vun der Trennung tëschent Kierch a Staat bedeit, datt reliéis Gemeinschaften d'Fräiheet hunn, sech ze organiséiere wéi se wëllen ouni d'Regierung informéieren ze mussen.

**4. Gëtt et e Kader fir den Informatiounsaustausch tëscht reliéisen Institutiounen an dem Staat, wann et ëm d'Sécherheet vu Jugendlechen an anere vulnerabele Persoune geet?**

Den Informatiounsaustausch fir d'Sécherheet vu Kanner, Jugendlechen a vulnerabele Persounen ze assuréieren ass e wichtege Sujet, onofhängeg vun der jeeweileger Institutioun. Et gëtt kee spezifesche Kader, wat den Informatiounsaustausch mat de reliéisen Institutiounen ugeet.

**5. Am Hibléck op aktuell Entdeckungen, ë.a. am Bistum Tréier, datt d'Kierch Persounen aktiv versat hätt fir der Strofverfollgung z'entkommen, wéi ass sécher gestallt, datt grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht am Fall vu Mëssbrauchsvirwërf fonctionéiert?**

D'Strofverfollgung vu Persounen déi Verbriechen zu Lëtzebuerg begaangen hu kënne weidergeféiert ginn, och wann déi betreffend Persounen net méi zu Lëtzebuerg wunnen. A sou engem Fall besteet d'Méiglechkeet am Kader vun de Bestëmmungen zu der europäescher oder internationaler Rechtshëllef, Informatiounen aus dem Ausland unzefroen, respektiv Beweiser sécheren ze loossen oder en europäescht oder internationaalt Mandat fir d'Verhaftung vun der betreffender Persoun auszestellen, wann si zu Lëtzebuerg am Kader vun der Strofverfollgung gesicht gëtt an déi néideg Konditiounen dofir erfëllt sinn.

An dem selwechte Kontext ass et och méiglech, dass d'Lëtzebuerger Justizautoritéiten op Demande vun auslännesche Justizautoritéite Rechtshëllef liwweren am Kader vun der Strofverfollgung déi am Ausland stattfënnt.

Lëtzebuerg, de 4. Mäerz 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN